PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/12/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun & Verdeedegung weiderzeleeden.

Sougenannten « Bug Bounties » sinn en Outil, déi et Sécherheetsexperten erméiglechen an engem kloer definéierte Kader d'Sécherheet vun IT-Infrastrukturen ze testen an d'Faillen, déi dobäi fonnt ginn, ze mellen.

Meeschtens sinn dës Bug Bounties an der Zäit limitéiert an d'Sécherheetsexperte kréie pro Faille eng Belounung, monetär oder en nature, ausbezuelt.

Nieft groussen Entreprisë wéi Google, Yahoo oder Uber notzen och ëmmer méi Staaten respektiv Verwaltungen dësen Outil fir d'Sécherheet vun hire Systemer ze verbesseren.

Notabel dobäi sinn niewent der US Air Force och de Verdeedegungsministère vu Singapur.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Hunn d'Ministeren duerch hiren Austausch mat anere Länner Kenntnisser vun esou Programmer? Wa jo, wéi bewäerten d'Ministeren de Succès vun dësen?

2. Wéi vill Faillen a staatleche Systemer goufen an deene leschte 5 Joer beim GovCERT gemellt, opgedeelt no Kategorie wéi am PRO 303 Dokument festgeluecht?

3. Hunn d'Ministere Pläng fir dem Beispill vu Singapur oder der US Air Force nozeäifere fir e Bug Bounty-Programm zu Lëtzebuerg duerchzeféieren? Wann nee, firwat net? Falls jo, fir wéini plangen d'Ministeren esou en Event?

4. Plangen d'Ministere weider Mesuren, fir dat ethescht Melle vu Sécherheetsfaillen ze promouvéieren? Falls jo, wéi eng?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange